ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Januar 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an déi zwee Häre Vize-Premierministeren Etienne Schneider a Félix Braz weiderzeleeden.

Déi Regierung, déi aus de Wale vum Oktober 2018 ervirgaangen ass, huet sech zwee Vize-Premierministere ginn, den Här Etienne Schneider (LSAP) an den Här Felix Braz (Déi Gréng).

Et ass awer net kloer, wie vun deenen zwee Hären den éischte Stellvertrieder vum Här Premierminister ass, wann dëse sollt verhënnert sinn. Och ass net kloer, ob et eng Kompetenzopdeelung tëschent deenen zwee Vize-Premierministere gëtt.

Dowéinst wéilt ech dem Här Premierminister an deenen zwee Häre Vize-Premierministeren Etienne Schneider a Félix Braz dës Froe stellen:

1. Wéi ass d'Hierarchie tëschent deenen zwee Vize-Premierministeren? Wien ersetzt prioritär den Här Premierminister, wann dëse sollt verhënnert sinn?
2. Wéi eng Kompetenze si mam Titel vum Vize-Premierminister verbonnen? Gëtt et eng Opdeelung vu Kompetenzen tëschent deenen Häre Félix Braz an Etienne Schneider an hirer Funktioun als Vize-Premierminister?
3. Mussen déi zwee Vize-Premierministere sech beroden, wa si déi Funktioun vum Vize-Premierminister ausüben? Wien decidéiert am Fall, wou déi zwee Häre sech an enger Fro net eens wären?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg** **Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique